



## E Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespréich vun der Mme Hetto matt de Schüler am LCE den 22.03.2011

Am Kader vun der Campagne “echsimega” wor d’Madame Françoise Hetto-Gaasch den 22. März 2011, ëm 10h00 direkt no der Moiespaus am lechternacher Lycée virun dräi Klassen vum Niveau “2ième” zu Gaascht.

No der offizieller, mee net manner häerzlecher, Begréissung duerch d’Direktioun virun der Haaptentrée goug et direkt an de Spigelsall, wou schonn eng 70 Schüler a Schülerinnen, vun de Sektioonen A, B, E an D vun der 2e classique, zesummen mat hiere Proffen Plaz geholl haten.

Dë Riedner-Dësch war schonns opgebaut an deem festleche Kader vum restauréierte Spigelsall vun der aler Abtei mat als Hannergrond dë Logo vun der “echsimega”-Campagne riiseg grouss vun engem Beamer op d’Leinwand projizéiert. An der Entrée wor den Dësch mat de Gadgeten a mam Promotionsmaterial fir d’Campagne viirbereed gin, déi un d’Schüler ausgedeelt goufen.

Scho virdrun wore d’Flyeren ausgedeelt gin, op deenen d’Schüler gebiede waren, dropzeschreiwén wat si géife maachen, wa sie selwer Chancegläichheitsminister oder -ministesch wäeren.

Den Häer Trauffler a sénger Funktioun als Direkter vum Gebai huet vir ‘t éischt d’Wuert ergraff a virun deene versammelten 2ème s –Klassen d’Gäschdt begréisst an dem Ministère an der Mme Hetto-Gaasch nach eng kéier fir d’Kommen merci gesot.

D’Mme Hetto huet sech fir d’Aluedung an den Empfang remerciéiert an e puer Wuert zum Programm gesot.

Si huet dunn als éischt drun erënnert, datt si am Kader vu der Campagne “Echsimega” déi de Ministère fir Chancegläichheet dat lescht Joer lancéiert huet,

d'Initiativ geholl hat regelmäseg an d'Schoulen ze goen fir matt de Schüler iwwert Chancegläichheet ze diskutieren.

Dëss Campagne sollt virun allem zum Emdenken an de Käpp vun de jonke Leit urregen fir sech esou fréih wéi méiglech mat deenen Iddien auserneenzesetzen, déi jo och hiert spéidert Liewen am Beruff an an hiere Familjé wäerte prägen.

Dono huet si da fir eng Présentatioun vun der Campagne d'Wuert weiderginn.

A sénger Présentatioun huet den Häer Wilwers dann emol d'Konzeptioun vun der Campagne "bass du MEGA?" viirgestallt, hier Objektiver an den Internet-Site [www.echsimega.lu](http://www.echsimega.lu) ass live gewisse ginn.

Wéi et iwwerhaupt zum Numm an zum Logo vun der Campagne komm ass, huet hien ganz anschaulech präsentéiert an et ass och méi Erklärungen zum Logo an zum Internet-site, deen d'Häerzstéck vun der Campagne ass, ginn. Den Häer Wilwers ass dunn och nach op de Muséks-Concours agaangen wou iwwer 40 Schüler matgemaach haten. An di zwee Hauptgewënner deene hier Lidd-Texter jo vun de Gruppe "Metro" an "DeLäb" vertount goufen, sinn do nach viirgespillt gin, éier den Häer Wilwers de Mikro nees un d'Ministesch ofgin huet. Di éischt Plaz wor iwwregens un e Schüler vun lechternach, de Joshi Gotlieb, gaang.

D'Madame Hetto soot, si hätt sech immens gefreet iwwert déi vill Texter vun de Schüler. Si selwer hätt laang bei RTL geschafft an do wier si mat engem Public konfrontéiert gewiescht deen zimlech schraiwfaul wor. D'Partitizipatioun um Concours huet hier gewisen, datt di Jonk do ganz anescht wieren. D'Texter vum Concours woren elo net nëmmen iwwert den Thema Gläichstellung vu Fraen a Männer gaangen, wat eigentlech d'Politik vum Ministère ausmécht, mee si wieren all ganz breedgefächert a wertvoll vum Contenu hier gewiecht.

Duerno sin d'Lidder vun DELÄB a METRO am Spigelsall erklongen , "Déng Gedanken" mam Text vum Joshi Gottlieb, vum LCE an "There is no difference", mam Text vum Conny Koob respektiv, ugespillt ginn, mam Versprechen, no der Diskussioun di zwee Lidder integral ofzespillen, falls dat gewënscht wäer.

Domadder war dë Ball och schonn nees bei der Ministesch a si ass virun dë versammelte Sall getrueden fir d'Diskussiounen ze lancieren.

Si ass dunn direkt op di dräi grouss Themeberäicher vum Mega agaangen an huet se kuerz viirgestallt. De Beräich Gläichheet an der Schoul an am Beruff, Gläichheet an der Politik an an der Gesellschaft, wou och de Volet "Médien" drënnerfällt, a Gläichheet am soziale Beräich, deen Familljeliwien an d'Conciliatioun vu Beruff a Famill, mee och den Thema vun der Gewalt doheem aschléisst.

Am Beräich vun der Gläichheet a Schoul a Beruff get et e groussen Déséquilibrer vun de Sparten tëscht Meedercher a Jongen.

“Wie vu de Meedercher am Sall wëll spéider an en technesche Beruff goen?”, huet si gefrot. Ee Meedchen huet de Fanger gehuewen. D’Ministesche wor alt schon zefridden, datt wéinstens eng Schülerin dat wëlles huet. Dacks ass si matt Schüler zesummen wou iwwerhaupt keen an eng technesch Richtung wëll weiderstudéiere goen. “A wéi steet et matt de Jongen fir a sozial Beruffer oder an den Enseignement?”, huet d’Mme Hetto nogehakt. Do waren der schon e puer méi déi sech dat kënne viirstellen ouni scho genee ze wëssen wat si speiderhin wéilte gin.



Mir hun e grouse Mangel u männlechen Enseignanten an der Schoul, huet d’Ministesche festgestallt, a bei klenge Klassen brauchen d’Kanner souwuel Männer wéi och Fraën an enger Viirbildroll. An der Grondschool, mee och um secondaire bréichte mir méi Jongen déi sech fir de Beruff vum Schoulmeeschter oder vum Prof interesséiere géifen.

Op der anerer Sait wier et wichteg, datt méi Meedercher an technesch Beruffer eragin, well si do nach ëmmer ënnerrepräsentéiert sinn.

D’Familieliewe, d’Conciliatioun vu Famill a Beruff get majoritär vun de Fraë geprägt, an dofir wieren, mengt d’Madame Hetto, am Fong och eng Majoritéit vu Fraen am Enseignement tätég. Sech ëm en anere këmmere fält de Fraen vläicht méi liicht, dofir sin der och vill méi am Beruff vun der Infirmière erezefannen wéi Männer.

Et muss een dat Ganzt jo och aus der Siicht vun de Patiente gesin. Fir e Patient an der Clinique kann et jo vläicht méi einfach sinn, wa mol e Mann als Infirmier sech ëm hie këmmert.

Am Beruffsliewen gouf elo vill iwwert den Thema vun de Quoten diskutéiert. D'Madame Hetto weist drop hin, datt ee Politik a Betriber net sollt duercheneegeheien. An de Verwaltungsreit vun de Betriber déi op der Bourse cotéiert sin, fënnt ee nëmmen 2% Fraën. Soll dat sinn, well der net genuch do sinn?

D'Ministesch stellt d'Fro un d'Schüler, wéivill Fraën mat universitäre Studien hirer Meenung no hei zu Letzebuerg schaffe géifen. E Jong schätzt op 20.000, en aneren op 30.000. "Jo scho ganz no drun!", fënnt d'Madame Hetto, insgesamt géifen 34.000 Fraën mat Unisdiplom zu Lëtzebuerg schaffen.

D'Argument vu den Häeren, datt si kéng Fraë fannen fir op di Plazen kann een da net méi gëlle loossen, schlussfolgert d'Madame Hetto, an dôfir wollte mir zesumme mat de Betriber kucken wat si kéinte maachen.

An deem Kader féiert de Ministère vun der Chancegläichheet zesumme mat de Betriber op fräiwëlleger Basis séng "actions positives" duerch. Dorënner versteet de Ministère eng Rei Aktiounen déi dem Betrib sollen hëllefen a sénger Organisatioun d'Gläichstellung vu Fraën a Männer ze verwierklechen. Fir 't éischt get zesummen mat de Leit am Betrib eng "enquête de satisfaction" duerchgefouert. Doropshin get e "plan d'action" opgestallt - doranner ginn dann eng Rei Mesuren festgeluecht, wéi z.B. flexibel Aarbëchtszäiten oder gläiche Loun fir gläich Aarbecht. Dëse Plang gët dann ëmgesat.



Am Kontext vun den "actions positives" huet de Ministère vun der Chancegläichheet eng Diskussioun iwwert Quoten mat de Betriber gefouert fir datt och méi Fraen an di iewegt Positiounen kommen. Fir d'éischt sollen d'Betriber op fräiwëlleger Basis bannent enger gewëssen Zäit méi Fraen op Décisiounsposten setzen. Wann an e puer Joer- en Datum läit nach net fest- da

festgestellt get, datt et nach ëmmer net changéiert ass, muss ee Gesetz gemaach gin, sou d'Ministesch, fir de ganze Prozess unzekuerbelen.

### **Gläiche Loun fir gläich Aarbëcht.....**

„Egalité de salaire“ ass och e wichtege Thema. D'Mme Hetto erklärt, datt et och hautdesdags nach ëmmer en Ennerscheed vun 10% an der Pai get tëscht Fraen a Männer déi di selwescht Aarbëcht maachen. An der Europäescher Union sin et souguer iwwer 18%. Do steet Lëtzebuerg also net esou schlecht do, mee et ass awer nach ëmmer ze vill fir déi Léit déi et betrëfft.

Gläiche Loun fir di selwecht Aarbëcht ass zwar am Gesetz verankert, mee an der Praxis bestin weiderhin Ennerscheeder, wéi e frappant Beispill vun enger Botzfirma weist, déi fir hier Servicer 16,7 Euro Stonneloun fir d'Fra an 21,5 Euro Stonneloun fir de Mann gefrot. Desen Ennerscheed wier doduercher ze erklären, sou de Betrieb, datt dem Mann séng Aarbëcht méi geféierlech wier (Beispillsweis botzt hien d'Fensteren vu bäussen). Mee, fret d'Mme Hetto, wann eng Botzfra knaschteg Aarbescht mëcht, wéi z.B. d'Toilette botzen, soll se dofir net och dann eng Prime kréien, d'selwescht wéi hieere männleche Kolleg ?

### **Interesséiert lech fir Politik !**

An Politik an an der Gesellschaft ass d'Gläichstellung vu Fraen a Männer ëmmer en Thema wann et ëm d'Représentativitéit geet. Op de politesche Lëschten sin nach ëmmer majoritär Männer vertrueden. Di meescht Parteien hu kéng Quoten, nëmme di "gréng" si paritétesch op de Lëschten vertrueden an d'CSV huet eng intern Quote.

Wann ee bedenkt, datt awer méi wéi 50% Fraen an eiser Gesellschaft sin, missten si jo och eigentlech d'selwecht repräsentéiert gin. Et ass wichteg, ënnersträicht d'Mme Hetto, datt Fraen déi Saachen déi se betreffen och verteidegen.

An un d'Meedercher am Sall gericht, insistéiert d'Ministesch, datt et wichteg ass, fir sech fir Politik z'interesséieren. Et soll ee matdiskutéieren a matdécidéieren, a net deenen aneren dat iwwerloosen. Hier selwer deet e haut leed, datt si sech esou spéit eréicht fir Politik interesséiert huet.

### **Thema Prostitutioun...**

De Ministère vun der Chancegläicheit ass net nëmme aktiv um Niveau vun der Formatioun a vun der Aarbëchtswelt. Och méi gesellschaftlech Themen wéi d'Prostitutioun géhéieren zu séngem Aufgabebereich an do get och de Moment ganz intensiv geschafft.

D'Ministesch erklärt, datt si sech am Ausland momentan verschidde Modeller ukuckt fir da kënnen ze décidéieren wat fir eng Viirgehensweis am Beschten zu

Lëtzebuerg wier. Do get et z.B. de schwedesche Modell, prezisiéiert si. Beim schwedesche Modell get de Klient bestrooft wann e bei d'Prostituéiert geet. Dëse Modell get et zënter e puer Joer a Schweden an dat lescht Joer gouf eng Evaluatioun gemaach. Tatsächlech gin et elo manner "Clients", mee et ass awer net feststellen, ob den Trafic wierklech ofgeholl huet oder sech nëmmen an en anert Land, baussent de Grenzen verlagert huet.

Dofir musse mir zu Lëtzebuerg ëmmer de régionale Kontext kucken, seet d'Mme Hetto, well et ka séier passéieren, datt d'Prostitutioun soss net méi op eisem Terrain geschitt, mee sech an d'Grenzregioun verlagert.

Virun enger Reih Wochen wor d'Mme Hetto an deem Kontext och zu Berlin fir sech driwwer z'informéieren, wéi Däitschland matt der Thematik emgeet.

Hei get sech um hollännesche Modell orientéiert. D'Fraen sin do net op der Strooss, mee an Häiser di iwwerwaacht gin a wou och e gewesse Kontroll duerchgefouert get, (z.B. Schellen bei de Better). Dëse Modell, sou d'Mme Hetto ass also méi fair a manner hypokritesch. D'Fraen kënnen sech och umellen a sin esou och sozialverséichert. D'Prostitutioun ass net ze verwiesselen mam Mënschenhandel dee verbueden ass an domadder an d'Kompetenzen vun der Police fält.

Zur häuslecher Gewalt huet de Ministère 2003 e Gesetz gemaach, wat elo ofgeännert a verbessert soll gin. Et get z.B., ënnert anere Mesuren, eng "Bannmeile" agefouert, déi dem Täter verbidd méi no wéi an engem Rayon vun 100 Meter u sém Affe erunzekommen.

### **Gläichstellung och an der Famill...**

"Wemm vun iech séng Mamm geet net schaffen oder ass net schaffe gaang wéi dir kléng wort." freet d'Mme Hetto an de Sall an et gin eng etlech Fangeren an d'Luucht.

Mir wëlle kee forcéieren, méngt d'Ministesch, mee mir encouragéieren d'Fraen fir schaffen ze goen. Hautdesdags erklärt si, hu mir eng Situatioun, wou vill Meedercher eng gudd Formatioun hun, a souguer dacks nach besser an der Schoul ofschneiden wéi d'Jongen. Et ass dofir eng perte fir d'Wirtschaft wa si net schaffe gin.

An et get och nach en 2. Grond, gouf d'Mme Hetto ze bedenken. Bei enger Scheedung ass et fir Fraen déi ganz doheem bliwwe sin heefeg extreem schwéier eng Schaff ze fannen an esou setzen si sech engem méi héigen Aarmutsrisiko aus. Dofir ass en Emdenke wichteg. Papp a Mamm musse Responsabilitéit iwwerhuelen a kéinte jo, zum Beispill, allen zwee hier Aarbëchtzäit reduzéieren. Deen dee ganz doheem bleiwt ass a ville Fäll de perdant. Et ass och e gudden Ausgläich wann ee schaffe geet an nach kleng Kanner doheem huet, méngt d'Mme Hetto aus eegener Erfahrung.



### Politik, Gesellschaft a Medien

Du koom d'Mme Hetto op d'Gläichheet an der Gesellschaft ze spriechen. D'Biller vun de Fraen déi mir an de Medien gewise kréien sin ëmmer perfekt, erläutert si. "Jo, déi si mega" kënt prompt en Tëscheruff aus dem Sall deen fir vill Amusement suergt.

An der Werbung, hakt d'Ministesch weider no, gesäit een d'Fraen déi ëmmer schick ugedoe sinn wann hier Kanner matt knaschtege Schong a Kleeder vum Futtball kommen. Ech waarden drop, mengt si, datt se och mol e Mann weisen, dee matt Freed drop waart fir kënnen ze wäschen. Wat Biller vu Männer a Fraen an de Medien ugeet, do huet de Ministère fir Chancegläichheet och eng Etude an Opdrag gin fir dat méi genee ënnert d'Lupp ze huelen.

E Jong am Sall freet "Ass et da net méiglech, datt sech d'Saachen och entwéckelen? Jo, äntwert d'Ministesch, si géif sech wënschen an 10 Joer net méi dovunner missen ze schwätzen. An un de Sall geriicht, sot si, si géif och dru gleewen, datt d'Schüler zu enger Génération gehéieren wou dëe Astellung sech ännert. De Schüler mellt sech erem zu Wuert "et ass jo der Fra hiert Recht doheem ze bleiwen, et geet einfach ëm e gesonde Mix. Wa Frae wéinst enger Quote op eng Plaz kommen a gudd Männer dofir déi Plaz net kréien, ass dat och net fair, fënnt hien.

Jo, seet d'Mme Hetto, wann s de awer bei gläicher Kompetenz tëschent engem Mann an enger Fra viele kanns, get meeschtens de Mann geholl. Etuden an amerikanesche Betreiber matt engem gudden Mix vu Fraen a Männer a Féierungspositionen hun däitlech besser Resultater opgewisen wéi Entrepen

wou nëmme Männer d'Soen hun.

Jidweree géif dobäi gewannen, wann et méi ausgeglach am Beruff opgedeelt wäer, sot d'Mme Hetto, an esou ë bessere chiffre d'affaires erziele géifen. Den Erfolleg géif also der Gerechtigkeit Recht ginn an dësem Fall.

“Wien definéiert d'Critèren déi eng Persoun muss erfëllen fir eng Aarbëcht?, freet d'Ministesch an de Sall. Dat sinn d'Männer an dofir gi manner kompetent Frae gesicht well dat vun aneren definéiert get. Et get elo de Projet “Female board pool” deen de Ministère fir Chancegläichheet och ënnerstëzt wou d'Entreprises, an engem Pool vun héichqualifizierten Dammen kënnen rekrutéieren.

Et soll natierlech e Choix bleiwen, wann ee sech dat ka leeschten. Mee et wier lamentabel, wa zum Beispill d'Ursaach fir keng Fra anzustellen déi wier, datt se schwanger ka gin.

Och wann ee net op der Aarbëcht physisch präsent ass, gin et hautdesdags eng Reih Méiglechkeeten fir informéiert ze bleiwen. An eise Käpp, fënnt d'Mme Hetto, musse mir dovunner lasskommen datt ee muss vu Mueres 7 bis Oues 9 Auer am Bureau bleiwen fir eng gutt Aarbëcht ze leeschten.

E Schüler wëll vun der Ministesch wëssen, wéi si dat per Gesetz änneren wëll, datt Fraen manner verdéngen wéi d'Männer.

Dat steet schon am Gesetz, an dat schon zënter 1974, äntwert d'Ministesch. En Deel vun deem Ennerscheid ass erklärbar, mee et bleift awer en Ennescheid fir deen et kéng Erklärung get. Et kann een, wann ee weess, datt ee manner verdingt wéi en Aarbëchtskolleeg fir di selwescht Aarbëcht, sech beim “Centre pour l'égalité de traitement” mellen. Et muss een awer och bereed sin fir eng Plainte ze maache. Di Meescht maachen dat awer dann net, wëll se Angscht hun hier Plaz ze verléieren.

Am Fall wou d'Mammen décidéieren doheem ze bleiwen, mengt den Direkter vum Lycée, get et en Ennerscheid tëschend dem Privatsektor an dem öffentleche Sektor. Beim Stat kréien d'Fraen, wann se bis 15 joer doheem wéinst de Kanner bleiwen, eng Bonificatioun bezuelt wéi wann se géife schaffen. Do misst een de Fraen am Privatsektor awer och da méi entgéintkommen.

D'Ministesch seet dat wier och viirgesin an der Reform vun der Fonction Publique.

Et get och nach aner Ennerscheeder wat Congéën déi vu Männer geholl gin ugeet. Wann een de “congé parental” kuckt, dee get vu 26% vun de Männer geholl an déi kommen bal al aus dem öffentleche Sektor. Privat ass dat nach anescht. Aus den Enquêtes déi de Chancegläichheitsministère an de Betreiber mëcht, giong erviir, datt vill Männer sech einfach och net trauen de “congé parental” ze huelen, well se soss vum Patron ënner Drock gesat gin, wat hier



Carrière ugeet. Mir denken doriwwer no, sot d'Mme Hetto, fir d'Gesetz vum "congé parental" ofänneren ze loossen sou datt dëse Congé nëmme kann vun der Fra op de Mann iwwerdroë gin. Am Kader vun eisen Actiounen an den Entreprises hu mir vill Gespréicher matt de Patronen, an dat ass och immens wichteg. Dat sin eis Multiplikatoren wa si d'Gläichstellung an hierem Betrieb fördern, a mat Unerkennung vun hierer Leit schwätzen.

Wat d'Diskussioun ronderëm d'Quoten ugeet, sou kënne mir eis net vergläichen matt deenen anere Länner, wou et ganz grouss Betrieber gin déi anescht opgestallt sin. Bei eis gin et vill Familiebetrieber, wou et schwéier ass esou eng Quoteregulung ëmzesetzen.

D'Mme Hetto huet sech di éischt Flyeren ugekuckt wou si sech op eng Reih interessant Denkestéiss vun de Schüler gefreet huet. D'Schüler ware gefrot ginn ze erklären wat si als Minister oder Ministesch fir Chancegläichheet géife proposéieren.

D'Schüler hun och elo d'Wuert fir hier Froen ze stellen. An déi loossen sech dann och net fléiwen.

"Mengt dir, datt eng Kampagne kann zu engem Emdenken féieren?", freet e Schüler. "Jo, ganz sécher!", äntwert d'Mme Hetto. "Ech fannen", mengt ee Schüler, "datt net soll op den Ziedelen stoen ob ee männlech oder weiblech ass. Et bréngt och vläicht nach eppes fir är Génération", seet hien, "mee mir aner denken do scho ganz anescht driwwer a vir eis ass et da kee Probleem méi."

Jo, d'Mme Hetto zweifelt dat och net unn, datt di meescht Jonk esou denken. Mee si erënnert awer drun, datt et nach guer net esou laang hier ass, datt d'Situatioun eng ganz aner wor. Et ass nach virun 30 Joer sou gewiecht, get si als Beispill, datt eng bestuete Fra kee Bankkonto ouni den accord vun hierem Mann konnt opmaachen. Dat kënne sech Schüler vun haut iwwerhaupt net méi viirstellen.

Dat verhënnert net fir Gesetzter ze maachen fir datt de "sexe sous-représenté" ënnerstëtzt get duerch eng sougenannte "discriminatioun positive". E Beispill fir esou eng Measure wier et, de Jongen ze erlaben matt manner Punkten an den Enseignement eranzekommen, well si oft manner Punkten hun wéi d'Meedercher a mir awer en Equiliber vu Fraen a Männer an der Schoul brauchen.

Bis 2004 huet de Ministère sech em d'"promotion féminine" bekëmmert. Dono ass säin Titel da geännert ginn op "Ministère fir Chancegläichheet". Dat weist jo schon, datt en net nëmme fir de bénéfice vun engem Geschlecht well schaffen, mee sech un Fraen a Männer gläichermoossen riicht. An deem Zesammenhang hat de Ministère och d'AHL empfangen, d'Associatioun vun de Männer. "Mir hun z.B. hei zu Lëtzebuerg keng Ulafstell fir Männer, déi musse gehollef kréien, sou wéi dat fir d'Frae besteet. Do gin et nach ëmmer Problemer ze léisen, sou d'Ministesch.

D'Mme Hetto ass awer frouh, datt fir d'Schüler d'Gläichstellung kee Probleem méi duerstellt an datt si dat als ganz normal empfangen.

“Wie kacht da bei iech doheem?” freet si e Schüler am Sall “Ech kann d’Pizza an de Schäffchen setzen!”, kënnt do di lëschtég Äntwert vun engem Schüler. Kachen, sou schéngt et, bleiwt nach ëmmer méi Saach vun de Mammen.

Eng Schülerin kënnt matt engem ganz aneren, mee net manner spannende Sujet. Am Sport missten et méi gemëschten Equipe gin. Déi Remark gräift d’Mme Hetto direkt op. Et wier alt scho gudd, wann d’Fraen géifen bei sportleche Leeschtungen iwwerhaupt erwähnt gin. Fraen sin am allgemengen vill manner visibel wéi d’Männer. Dat ass bei alle Sportarte sou, wéi z.B. beim Tennis, wou verschidde Sportler en Ennerscheid maachen tëscht Tennis an Dammentennis, wéi wann dat eent manner wäert wier wéi dat anert.

E Schüler kënnt op d’Ausféierungen iwwert d’Prostitutioun zrëck a freet d’Mme Hetto wat fir e Modell mir dann de Moment zu Lëtzebuerg hätten. D’Ministesch muss zouginn, datt mir zu Lëtzebuerg nach guer kee richtege Modell hun. Et get eng Zone (e puer Stroossen) déi an engem règlement de police festgehale gouf, wou d’Prostitutioun toléréiert get. Mee et besteet keng gesetzlech Basis dozou.

Wat mech stéiert, sou d’Ministesch, ass datt déi Fraen an och Männer – well et gi jo och Männer déi sech prostituieren- sech net versëchere kënnen. Et wier awer gutt wann se an der Kranken- a Pensiounskees ugemeld wieren.

Den däitsche Modell wier gutt, fënnt de Schüler, well da kéinten och Krankheeten, wéi zum Beispill Aids, kontrolléiert gin. Et géif och eng Kontroll vun den Zouhälter gemaach kënne ginn, wou jo och dann aner Saachen wéi Geld an Drogen am Spill sin. Et ass komesch, datt Jugendlecher eréischt ab 18 joer an e Sexshop dierfen, mee si kréien awer schon ab 16 Joer Alkohol servéiert.

“Mir sin zu Lëtzebuerg zimlech konservativ”, fënnt de Schüler, “eng ausgeliewte Sexualitéit ass manner geféierlech wéi eng futtis Long!” Op di schlagferdeg Remark kritt hien zoustëmmenden Applaus vum ganze Sall.

D’Mme Hetto seet, zu Lëtzebuerg wier een nach net festgeluecht. “Mir wëllen eis och nach an der Belg an a Frankräich informéieren wéi si dommadder ëmginn. Et huet kee Wert, d’Rad nei ze erfannen, et muss eng Solutioun fond gin, déi fir eist Land och Sënn mecht”, erklärt si.

Den Direkter erënnert drunn, datt et a Frankréich “maisons closes” gouf vun deenen och an der Literatur rieds ass. Firwat gouf dee Modell zënter den 30er Joeren ofgeschaf? Wor et Puritanismus ?

“Wat mengt dir sinn d’Konsequenzen wann een d’Prostitutioun verbidd?” freet d’Mme Hetto.

Eng Schülerin mengt, datt d’Prostitutioun dann op den illegale Wee geet. Da get et vertuscht, mengt hatt, da laafe Saachen hannert de Rideauën vun deenen ee

näischt méi weess.

Jo, d'Ministesche get him Recht, an Däitschland hu si ni de ganze Kontroll, si kréien och net alles ze paaken, mee et ass trotzdem manner clandestin. D'Schülerin fënnt, datt et besser ass manner ze wëssen wat leeft, wéi guer net.

Du kënnt d'Diskussioun nach eng Kéier zréck op d'Gläichstellung an der Aarbëchtswelt. D'Ministesche hëllt sech en aneren Ziedel wou e Schüler dropgeschriwwen huet, hie wier géint d'Fraequote.

D'Mme Hetto hofft, datt no der gefouertter Diskussioun d'Schüler verstinn ëm wat et hier dobai geet : d'Kompetenzen festleeën ouni deem enge Geschlecht e Virdeel géigeniwwer deem anere Geschlecht anzeraumen. D'Ministesche erklärt datt grouss Entrepreneuren, wéi zum Beispill PriceWaterhouseCoopers (PWC) an hierer Charte weltweit Critère festgeluecht hun fir esou Diskriminatiounen ze évitéieren.

E Schüler versteet net firwat een dëst iwwerhaapt forcéiere soll : "Mir kënnen dach dovunne ausgoen, datt aner Leit gesinn datt et Virdeeler bréngt an dann ergët et sech vum selwen!", mengt hien.

D'Mme Hetto get him Recht. Et soll ëmmer méi selbstverständlech gin. "Dofir si mir jo hei" seet si. "Ech mengen awer wann een elo mierkt, datt sech an 4-5 Joer näischt geännert huet, trotz alle Gespréicher mat de Patrons, da muss eppes ënnerholl gin, einfach fir unzekomme.

"Sin 3 bis 5 Joer net ze kuerz fir eng Idéologie ze änneren, bräuch een do net méi Zäit ?" get e Schüler ze bedenken. D'Mme Hetto mengt net, datt ee méi Zäit brauch. D'"conseils d'administration" an Däitschland erneieren sech wellenarteg an do ass e Changement dann och méi séier méiglech.

Hei zu Lëtzebuerg erliewt een de Phénomène datt Memberen am Verwaltungsrot immens laang dobai sinn. Do gin et z.B. Leit déi sin déck an di 80 a kënnen et net loossen. Zënter Joeren get et dann och keng Innovatioun méi am Betrieb. Och dat muss ee bedenken, wann een iwwer d'Aféieren vu Quote schwätzt. Et muss een d'Situatioun heiansdo forcéieren, soss geschitt näischt.

Fir sech perséinlech mengt d'Ministesche, datt wann hier Partei keng intern Quote gehat hätt, wier si iwwerhaapt net gefrot gin. D'Quote sin eng Gelegenheet fir eng festgefueere Struktur opzemaachen. Dono établiert sech eppes neies, an da geet et weider. Da brauch ee spéider och keng Quote méi. Och an anere Länner get eng ähnlech Iwwerleeung gefouert.

En anere Schüler ass mat dëser Amëschung an d'Privatwirtschaft net d'accord. Et steet dach den Entrepreneuren fräi, wéi si sech hiere conseil d'administration zesummesetzen. Do kann ee vu baussen jo näischt opdrängen, well "t'ass jo interne".

Hei zu Letzebuerg, get d'Ministesche dorobshin ze bedenken, sin ronn 25

Betireber op der Bourse cotéiert. 60 Entreprises hu méi wéi 500 Salariéën.

E ass also iwwersiichtlech wien hei betraff ass. De Kuch, fënnt si, muss kënne gedeelt gin, et ass jo och eng finanziell Saach. A wann e Mann oder eng Fra hallëf schafft, gin si och net gefrot, well di Gremien vu Leit besat gin déi net wëlle lassloossen.

Firwat wiere Familjebetriebe vun esou enger Mesure ausgeschloss? Do schéngt et plausibel, wann de Jong sech decidéiert fir de Betrieb weiderzeféieren, kann een net imposéieren, datt en aneren dat mëcht. Wie vun de Betreiber do alles zu Lëtzebuerg a Fro kënnt, ass de Ministère vun der Chancegläichhet am Moment am Gaangen zesummen mat der Fedil (der Fédératioun vun den Industriellen) duerchzeforsten. Zu Lëtzebuerg schwätze mir, seet d'Mme Hetto, vu réell 30 Betreiber déi a Fro kommen fir eng potentiel Quoteregelung. Dat sinn ronn 350 Leit déi am Conseil sëtzen, also 70 Fraen wann een vun 30% ausgeet. Souvill Kandidatinnen missten ze fanne sinn.

“D’Ziel wier et jo Gléck ze erreeschen, mee d’Gesetzgebung wier einfach ze strikt”, mengt e Schüler. Wann et zu enger Scheedung kënnt, wa Scholden do sinn, da gin et Leit déi wëllen Iwwerstonne maachen fir méi ze verdingen, mee si dierfen net. Gewerkschaften wieren sech dogéint. Hie fënnt awer, datt et flott wier als Jonk méi kënnen ze schaffen. Déi wirklech do bremsen, sin d’Gewerkschaften well déi onbeding wëllen de Salarié schützen.

Fir eng Schülerin wier bei der Chancegläichheet virun allem dorober opzepassen, datt Fraen no engem congé de maternité net op der Aarbëcht benodelegt gin. Jo dat ass wichteg, seet d’Mme Hetto, zumol et souvill Méiglechkeeten gin fir um courant ze bleiwen während dem congé. Si mëcht en Opruff un d’Meedercher fir dat beim Patron ze fuerderen.

En anert Meedche méngt, de Probleem wier vläicht, datt de Patron eng Aarbëchtskraaft verléiert. “A wat mech een dann?” freet hatt.

D’Mme Hetto ass sech sëcher, datt d’Betreiber déi Zäit iwwerbréckt kréien. Eigentlech wor de congé parental virun 10 Joer als Aarbëchtsmeasure agefouert gin, mee dat huet awer schlussendlech net dat gewënschte Resultat bruecht. Als Beispill zitéiert si hier Gemeng vu Jonglënster, wou 2 Techniker de congé parental geholl hun, an kee Remplacement konnt fonnt gin. Di meeschte Patronë mussen einfach kucken fir déi Zäit ze iwwerbrécken.

D’Mme Hetto wëll du vun de Schüler wëssen, wat si vum Pisa-Test halen. Huet schon eng Klass den Test gemaach ? Eng Rei Fangeren ginn an d’Luucht, si hun de Pisa-test 2006 gemaach. “Wéi sérioux hutt dir dat geholl?”, wëll d’Ministeschen wëssen.

E Jong seet hien hätt et sérioux geholl, mee hie kéint sech awer viirstellen, datt der och einfach ofgin hunn an “egal wat” geschriwwen hunn.

Jo, si hätt dat och héieren, sot d’Mme Hetto, dofir kann ech mir och dat Resultat

erklären, datt et net mat deem néidege Sérieux behandelt gouf.

“Mee wien leet iwverhaapt d’Klasse fest, déi mattmaachen?” wëll e Schüler wëssen. Hien huet héieren, datt do am Ausland nëmmen Eliteschüler gefrot goufen fir matzemaachen.

Den Häer Direkter get do di néideg Präzisiounen : d’OECD leet den Echantillon vu Schüler fest dee pro Land muss gepréift gin. Am klengen Lëtzebuerg get all Schüler vu 15 Joer gepréift. dat ass e wichtege Faktor firwat Lëtzebuerg dann net esou gutt ofschneid. Et ass schued, fënnt d’Mme Hetto datt dësen Detail net erviergehewe get, well wann een dat mat a Betruecht zitt, da brauche mir eis mat eise Resultater net ze schummen. Jo et ass wichteg, fënnt den Direkter, datt eng Akzeptanz an der Geschellschaft do ass, well esou schlecht ass eis Schoulguer net. D’Ministesch sot si géif dësse Message mathuelen an der Hoffnung, datt et vun der Basis méi mattgedroë get.

E Meedche wëll wëssen, wéi d’Lëtzebuerger Schüler da verglach gin. “Gi mir matt den däitsche Schuler verglach, wa mir Däitsch schreiwen ? Gi mir matt de franséische Schüler verglach, wa mir den Test op Franzéisch maachen?” Dat wier jo wichteg, fënnt hatt, “mir kënnen eis net esou ausdrécken, wéi wa mir et an eiser Mammesprooch géife maachen”.

Et schéngt alles an een Deppe geheit ze gin, och wann dir iech net esou gutt ausdrécke kënnst wéi d’Schüler aus de Nopeschlänner, sinn awer är Kompetenzen déi, datt dir mat jidderengem schwätze kënnst an dat éiert iech, seet d’Mme Hetto.

“Een Nodeel vu deene ville Sproochen”, mengt e Schüler, “ass datt manner Zäit vir wëssenschaftlech Fächer bleiwt”. En anere Probleem gesäit hien am Wiessel vun de Sproochen vun Däitsch op Franséisch. Dëss Emstellung ass och deelweis schweier. Hie fënnt, et wier besser eng eenzeg Sprooch festzeleen.

D’Mme Hetto get him deelweis Recht. Vlächicht wier et och sennvoll, Franséisch méi op eng spilleresch Manéier ze léieren wéi bis elo. “Well dir hutt Franzéisch jo net gären, oder?” freet si. Do ass net jiddereen d’accord. Et get Gemurmél am Sall.

Si fënnt et schued, datt mir eis et mam Franséischen esou schwéier dinn, well mir si besser wéi mir mengen. Et ka sinn, datt wëssenschaftlech Fächer manner Gewiichtung hunn. Si weess net, op sech matt der Reforme dorunner eppes ännere wäert.

Et schéngt jo sou ze sin, constatéiert d’ministesch datt Englesch méi opkënnst wéi Franséisch. Den Direkter seet, datt d’Approche am gaangen ass ze änneren. d’Schüler hunn effektiv léiwer Englesch wéi Franséisch.

Themawissel. E Schüler kënnst op den Titel vun der Campagne “echsimega” ze schwätzen. Hie fënnt deen Titel net gutt. D’Grondiddi wier jo fir opmierksam ze maachen mee et wier an enger pseudojonker Sprooch geduecht an dat géif net

bei déi Campagne passen.

De Grond vun deem Slogan wor natierlech, get vu Säiten vum Ministère verséichert, fir eng Kohärenz tëschent dem Ministère (an der Ofkierzung Mega) an enger méi jonker Sprooch ze fannen. Et sollt och e neutrale Saz sin, deen op vill verschidde Manéieren asetzbar wier.

“Wéi ech et fir ‘t éischt op facebook gesin hun, do wor méng Réaktioun: wat huet dat do dann matt Chancegläichheet ze dinn?“, wor eng aner Réaktioun aus dem Sall.

En anere Schüler kontert dorops hin, datt een d’Wiel huet entweder maache mir et administrativ oder eben op eng méi jonk Manéier. Wat vun engem Ministère kënnt, trëfft eben net onbedingt ëmmer vläicht déi richteg Sprooch. D’Mme Hetto lenkt an, datt et jo och net méiglech ass, et fir jidderee gutt ze maachen, mee et ass e Succès, 5.800 sin op facebook an déi fannen et awer all gutt...

“Jo, mee mir hu jo awer och méi wéi 5.000 Jonker am Land!” mengt de Schüler deen sech awer och esou guer net matt deem Numm ufrënde kann. “Mee da schreiw déng Meenung och um Site du kriss sëcher eng Äntwert”. Dat wäert hien dann och maachen.

En anere Schüler bréngt et op de Punkt: Echsimega heescht fir hien, datt ee méi selbstebewosst muss gin an sech eppes traue soll, “eben wanns de eppes kanns”, méngt hien.

Eng Schülerin stëmmt deem bäi : hatt fënnt et kritt een e positivt Gefill, et ass wéi eng Bestätegung, datt jidderee “mega” ass. Et get jo keen Universalgenie gefrot. Jidwereen ass an séngem Domaine gutt. Op där ganz positiver Note muss dann d’Diskussioun awer esou lues a lues zu hierem Enn kommen, well di nächst Schoulstonn fänkt geschwënn unn.

### **Et wor eng liewesch Diskussioun gewiecht...**

Den Häer Trauffler huet zum Ofschloss der Madame Hetto villmols Merci gesot fir di flott Diskussioun an de Schüler de Rot mat op de Wee gin fir op dëss Saachen an hierem weidere Liewensparcours opzepassen.

Fir “d’Chancegläicheet” am ganz praktesche Kader ze garantéieren kruten déi Schüler déi eng Geosprüfung an en Test an der Konstgeschichte direkt no der Diskussioun mat der Ministesch haten, och 10 Minuten méi Zäit fir hier Prüfung ageraumt.

Dat wor wirklech e ganz liewege Debat, wou eigentlech méi Jonge wéi Meedercher matgeschwat hun. “Et wor nach ni esou ustrengend, mee awer ganz ganz flott,” huet d’Mme Hetto gemengt, an domadder huet si de Schüler nach eng Kéier villmols merci gesot an hinnen nach weiderhin vill Erfolleg an hierem spéidere Liewen gewënscht.